# Internat Fieldgen meets APEMH Centre Nossbierg

Inklusioun ass e grousst Thema, wat mir eise Meedercher aus dem Internat mei no brénge wollten. Dofir hu mir matt hinnen d'APEMH am Schouljoer 2023-24 besicht, fir een Abléck an hir Struktur, hir Aarbecht an an hirt Zesummeliewe mat hire Bewunner ze kréien.

Bei eisem éischten Treffen hu mir d'Struktur an och déi verschidde Bewunner konnte kenneléieren. Mir konnte Froe stellen a mir hunn eis mam Keramikatelier vertraut gemaach.

Bei eisem zweeten Zesummekommen, hu mir gemeinsam mat de Bewunner vun der APEMH an der Keramik geschafft. Mir hunn Tase gegoss, déi eis Meedercher dann och zum Schluss vum Projet als Erënnerung duerfte mat heem huelen. Den Educateur vun der APEMH huet eis déi eenzel Schrëtt erkläert, a gemeinsam mat de Bewunner hunn eis Meedercher déi dann ëmgesat.

Si konnten dunn och nach een Ënnerteller fir hir Tas hirstellen, an als leschte Schrëtt konnten si hirer Kreativitéit fräie Laf loossen an hir Tas an hiren Teller bemolen. Et war eng flott Stëmmung am Grupp, d'Meedercher an och d'Bewunner vun der APEMH hate vill Freed gemeinsam ze molen.

Als Ofschloss vun eisem Projet sinn zwee Educateure mat de Bewunner eis am Internat besiche komm. D'Meedercher konnten hinnen dunn alles weisen an hinne vun hirem Liewen um Fieldgen erzielen. Esou kruten si ee klengen Abléck an d'Liewe vum Internat. Bei vun de Meedercher selwer gebakenem Kuch, koum et an enger gemittlecher Ronn zu engem schéinen Ofschloss.

Och dëst Schouljoer wollte mir nees ee Projet zesumme mat der APEMH an hire Bewunner starten.





Wärend dem APEMH-Projet hat ech d'Méiglechkeet mat Mënschen, déi eng Beanträchtegung hunn, Zäit ze verbréngen. Zesummen hu mir Keramiktase gemaach.

Dës Erfarung huet mir immens gefall, well ech net nëmme geléiert hu mat Keramik ze schaffen, mee och verstanen hunn, wéi déi Leit am Alldag mat hiren Erausfuerderungen eens ginn. Ausserdem ass mir och bewosst ginn, dat si och hir eege Manéier hunn, d'Welt ze gesinn.

**Shirin A.**



